5. **An eise Nopeschlänner hunn d'Regierungen Initiativen ergraff fir Leit aus dem Ausland ze rekrutéieren. Kéint Dir Iech fir Lëtzebuerger am Beräich vum Handwierk och esou Mesure virstellen?**

D'DP ass der Iwwerzeegung, dass een eng duebel Strategie muss fueren, souwuel um nationalen Niveau, fir den Handwierksberuff méi ze valoriséieren, a gläichzäiteg brauch eis Land eng Strategie fir och cibléiert Fachkräft aus dem Ausland unzezéien. Déi aktuell onsécher Situatioun, besonnesch am Bau, huet zu engem temporären Apaisement vum Emploi a vereenzelte Branchë geféiert. Déi Situatioun dierf eis awer net doriwwer ewechtäuschen, datt mëttelfristeg weider e grousse Besoin u qualifizéiertem Personal besteet an deen duerch d'Energietransitioun nach verstäerkt wäert ginn. D'DP ass awer dovunner iwwerzeegt, datt och d'Chancë vun der Digitaliséierung mussen zousätzlech genotzt ginn, net fir Aarbechtsplazen a Fro ze stellen, mee fir Aarbechten ze vereinfachen.

D'DP wäert *d'talent attraction*-Strategie vun der Regierung duerch branchëspezifesch Strategië fir qualifizéiert Fachpersonal komplettéieren – z.B. am Bau oder an der Santé. D'DP setzt dobäi op déi dorobber ausgeriichte Wirtschaftsmissiounen an op e moderat Awanderungsgesetz. D'Immigratioun soll duerch temporär Autorisatiounen an zousätzlech *Work-* an *Travel Visa Agreements* mat Drëttstaaten (wéi scho mat Kanada an Australien) vereinfacht ginn. Een Online-Portail soll alleguerten d'Informatioune fir méiglech Kandidaten a fir interesséiert Betriber zesummefaassen.

D'DP ass awer dovunner iwwerzeegt, datt och d'Chancë vun der Digitaliséierung mussen zousätzlech genotzt ginn, net fir Aarbechtsplazen a Fro ze stellen, mee fir Aarbechten ze vereinfachen.

Jo. Mir suergen dofir, dass d'Attraktivitéit vum lëtzebuergeschen Handwierk fir Fachpersonal aus Drëttlänner klëmmt. Dat geet zum Beispill iwwert eng besser Bezuelung a gutt Aarbechtsbedingungen. Mir wäerten hei zesumme mam Secteur Léisungen ausschaffen.

En zentrale Problem fir Handwierker aus dem Ausland ze rekrutéieren sinn déi héisch Liewenserhalungskäschten. D'Salairen zu Lëtzebuerg sinn am internationale Vergläich nach ëmmer ganz attraktiv, mee wann ee vu senger Pai direkt d'Hallschent muss ausginn fir sech ze logéieren, ass et net méi interessant. De Logement ass a bléift en zentrale Problem a gewëssermoossen och en Däiwelskrees : Ouni Handwierker keng Logementer an ouni Logementer keng Handwierker. Fir aus deem Däiwelskrees eraus ze kommen, brauche mer virun allem en Ëmdenken an der gesamter Logementspolitik.

Lëtzebuerg brauch qualifizéiert a manner qualifizéiert Personal. Et feelt eis an alle Secteuren am Land u Leit. D'Plazen um Aarbechtsmarché ginn zum groussen Deel vu Leit aus der Groussregioun besat, mee och Leit aus aneren EU Staaten an net EU Staate ginn zu Lëtzebuerg gebraucht. Dofir fuerdere mir Piraten eng Vereinfachung an Erliichterung vun de Prozedure fir Leit déi mat engem Aarbechtsvisa op Lëtzebuerg kommen. Och d'Partner:innen déi mat op Lëtzebuerg kommen, sollten d'Recht hunn, hei dierfe schaffen. Dës weideren, wëll d'Piratepartei och, dass d'Prozedure fir d'Unerkennung vun Diplomer vereinfacht gëtt.

Jo, awer begrenzt, well Lëtzebuerg schonn aktuell ganz vill Handwierker aus der Groussregioun rekrutéiert an de Mangel domat trotzdeem net behuewe gouf. Weider kann de Rekrutement am Ausland och zu enger Lounschluecht mat lokale Firme féieren, wat sech zwar positiv op d'Situatioun vum Personal auswierkt, awer den eigentleche Mangel net behieft an nei Problemer schaaft.

Jiddefalls muss de Wëssensstand vun deene Leit dem entspriechen, wat hei zu Lëtzebuerg gebraucht gëtt. D'Handwierk huet am Beräich vun der Qualitéit en exzellente Ruff, den net däerf op d'Spill gesat ginn.

Wéi beschriwwe soll prioritär versicht ginn, méi Leit um nationale Marché ze rekrutéieren. Déi beschriwwen Initiativen si momentan net ugeduecht, sollt een awer och net komplett ausschléissen.

6. **Sidd dir als Partei bereet fir de gesetzleche qualifizéierte Mindestloun no uewen unzepassen, fir de Beruff vum Handwierker méi attraktiv ze maachen?**

D'DP steet zur gesetzlecher Upassung vum Mindestloun. Mir wëllen d'Repercussioune vun all Erhéijung vum Mindestloun op d'Wirtschaft an op d'Aarbechtslosegkeet iwwerpréiwe loossen. D'DP wäert an Zukunft méi staark op Leeschtungen an op sozial ugepasste Steierkreditter zugonschte vun den niddrege Revenue setzen, déi net op d'Käschte vun der Konkurrenzfäegkeet vun de Betriber (besonnesch vun de Kleng- a Mëttelbetriber) goe sollen

Mir wäerten de Mindestloun reegelméisseg un d'Präis- a Lounentwécklung upassen an zousätzlech iwwer steierlech Mesuren strukturell erhéijen, z.B. iwwer d'Erhéijung vum "Crédit d'impôt salaire social minimum". Domat stäerke mer d'Attraktivitéit vum Handwierk a suerge gläichzäiteg dofir, dass d'Entreprisen déi strukturell Mindestlounerhéijung grad an der aktueller ekonomescher Situatioun net selwer finanziell stemme mussen.

déi Lénk plädéieren fir eng Erhéijung vum Mindestloun op 60% vum Medianloun, sou wéi déi nei EU-Direktiv dat recommandéiert a wéi déi Europäesch Gewerkschaftskonföderatioun dat scho säit laangem fuerdert. Dat géif eng strukturell Erhéijung vum Mindestloun ëm ronn 300 Euro bedeiten.

D'Pirate setzen sech fir ee steierfräie qualifizéierte Mindestloun an. Esou hätten d'Leit méi Netto an der Paie an de Patron wier gläichzäiteg entlaascht. Vue dass 96% vun de Betriber laut Zuele vun der Chambre des Métiers Micro- oder PME-Betriber sinn, ass et an eisen Aen de Staat den hei muss seng Responsabilitéit huelen.

Duerch eng Steierreform déi deenen hëlleft déi et brauchen an déi duerch d'Aféiere vu weideren ieweschten Tranchen an der Steiertabell géigefinanzéiert gëtt, géifen d'Leit um Mindestloun weider entlaascht ginn.

Et ass ëmmer schwéier fir mat enger allgemenger Moossnam op e spezifesche Probleem wëllen ze reagéieren. Eiser Meenung no soll e voll ausgebilten Handwierker iwwert dem Niveau vum Mindestloun bezuelt ginn.

D’CSV wäert en degressive Steierkredit fir Mindestlounempfänger aféieren. Sou ginn dës entlaascht. Insgesamt solle jonk an den éischten dräi Beruffsjore steierlech entlaascht ginn. D’CSV wäert de Mindestloun permanent op Basis vun der Lounentwécklung, de Liewenskäschten an der Inflatioun upassen. Mat dëse Mesurë wäert och de Beruff vum Handwierker méi attraktiv ginn.

7. **Wéi steet Är Partei dozou, datt duerch de PL8040 zukünfteg Handwierker d'Primm fir d'Meeschterkaart net méi ausbezuelt kréien?**

Geänwert gëtt op der Fro 8

Mir sti grondsätzlech zum Accord iwwert d'Harmoniséierung vun de Karriären, wéi d'Regierung an d'CGFP en de 14. Januar 2022 ënnerschriwwen hunn. Mir hunn awer och zur Kenntnis geholl, dass d'CHFEP an hirem Avis zum PL 8040 kontestéiert, dass d'Ofschafe vun der Primm konform zu dem Accord ass. Mir hunn och hir Argumentatioun zur Kenntnis geholl, firwat si sech vehement géint des Ofschafung ausschwätzen. An der nächster Legislaturperiod wäerte mir weider Erklärungen zu dëser Fro anhuelen. Bis dohinner reservéiere mir eis definitiv Positioun an dëser Fro, well mir zu dësem Zäitpunkt net iwwert all d'Informatioune verfügen, déi d'Froe vun der CHFEP an eisen Aen opwerfen.

D'Suppressioun vun der Primm wär eng Entwäertung vun der Meeschterkaart innerhalb vun der Fonction publique an dat ass fir eis net akzeptabel.

Effektif am Gesetzesprojet deen am Summer 2022 déposéiert ginn ass, kann ee Folgendes liesen:
Ad article 9
La prime de brevet de maîtrise prévue à l'article 24 de la loi sur les traitements pour les agents exerçant la fonction d'artisan est supprimée. A signaler dans ce contexte que les artisans seront intégrés dans le groupe de traitement C1 et que, partant, la prime visée accordée pour les artisans du groupe de traitement D1 ne sera plus due. Ce principe est conforme aux dispositions de l'accord entre le Gouvernement et la délégation représentant les agents des carrières inférieures au sein de la CGFP. Toutefois, une disposition transitoire du présent projet de loi permettra aux artisans en service au moment de la loi projetée de maintenir le bénéfice de cette prime.

Vue dass d'Chamber am Juli 2023 mam Projet de loi 8165, d'Primm fir d'Meeschterkaart eréischt am B1 agefouert huet - ee Projet dee mir Pirate matgestëmmt hunn- ass dësen Artikel net méi koherent mat der Politik bis heihin. Firwat Leit sollen am B1 vun dëser Primm profitéieren, mee net méi déi am D1 liicht eis net an. Mir ënnerstëtzen esou Diskriminéierunge vu Leit mam selwechten Ofschloss net.

Keng Äntwert

D’CSV steet zum Gehälterofkommes an der Fonction publique. Weider Ännerunge mussen am Sozialdialog diskutéiert ginn.

8. **Ass Är Partei der Meenung dass all Agente mat enger Meeschterkaart beim Staat solle gläichbehandelt ginn?**

Déi entspriechend gesetzlech Upassung entsprécht den Dispositioune vum Accord tëscht der Regierung an der CGFP-Delegatioun, an där och d'AAT vertrueden ass. Am Kader vum Gehälteraccord an der Fonction publique vum 9. Dezember 2022 ass och eng Primm fir d'Valorisatioun vun der Meeschterprüfung an der Karriär B1 virgesinn. Deen Volet vum Accord ass dann och schons an engem Gesetz verankert, dat an der Chamber gestëmmt gouf.

Jo

Jo, déi Lénk sinn der Meenung, datt all Agente mat enger Meeschterkaart beim Staat solle gläich behandelt ginn.

Jo. D'Piraten setzen sech géint all Form vun Diskriminéierung an.

Generell vertriede mir de Prinzip “gläich Qualifikatioun, gläiche Loun.” Doriwwer eraus mussen déi do Verhandlungen awer am Kader vun de sektorielle Gespréicher, respektiv mat der representativer Gewerkschaft geféiert ginn.

Am Prinzip Jo. Nach muss ee kucken, wat dat am Eenzelfall bedeit.